ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 20/11/2024

Rapport vun der Jugendkommissioun

Kommissioun (01.10.2024)

Presenzen

Present	Net present
Samantha Fernandez	Jyll Duschinger (entschëllegt)
Lara Georges	Noah Edert (entschëllegt)
Lynn Mangen	Rosie Brandenburger (entschëllegt)
Jordan Pires	Leo Toum (entschëllegt)
Marie Sadler	
Frank Conrad	
Aloyse Kieffer	

1. Feedback Open Air Kino

- Devis Sunset Cinema
  - Mir hale fest, dass mir d'nächst Joer nieft der Firma Sunsetcincema nach bei aneren Entreprise Offeren ufroen.
- Catering
  - Als Réckmeldung vun de Léit hu mir als Jugendkommissioun krut, dass et schued gewiescht wier, dass keen Iesse sur Place beim Open Air Kino verkaaft gouf. Am Hibléck op d'nächst Joer kéint een eventuell ee Foodtruck ufroen.
  - Dëst Joer huet sech leider nëmmen ee Veräin sech gemellt fir beim Verkaf vum Gedrénks ze hëllefen. Mir hale fest, dass mir d'nächst Joer d'Veräiner éischter uschreiwen (mindestens 4 Méint am Viraus).

Helperknapp, 20/11/2024

- Organisatioun
  - Mir halen fest, dass mir fir d'nächst Joer ee Fëmm-Eck virgesinn.
  - Den Open Air Kino sollt dëst Joer op dräi Deeg (Freides, Samschdes a Sonndes) stattfannen. Opgrond vun der Meteo gouf de Film Sonndes ofgesot. Mir hunn eis doriwwer ausgetosch, fir den Open Air Kino d'nächst Joer nëmmen nach op zwee Deeg (Freides a Samschdes) ze organiséieren.
  - Wéi dat och scho bei villen aneren Eventer an der Gemeng de Fall ass, fanne mir dass et eng gutt Iddi wier, fir d'nächst Joer Navetten um Open Air Kino unzebidden.
  - Beim Choix vun de Filmer hale mir fest, dass mir d'nächst Joer ee Vermierk op de Flyer schreiwe wëllen, wann de Film vum Produzent fir **mannerjäreg Spectateuren** net recommandéiert gëtt.

2. Event Kürbis schnëtzen (26.10.24)

- Dëst Joer organiséiert d'Jugendkommissioun de 26. Oktober 2024 vu 14h00 bis 16h30 d'Event Kürbis schnëtzen am Koschteschbau zu Téinten.
- Mir hale fest, dass d'Participatioun um Event 7€ kascht.
- Wéi och schonn d'läscht d'Joer gëtt um Event Kuch, Chips a Gedrénks verkaf.
- Organisatioun :
  - Dëst Joer bidde mir jeeweils zwou Zäit**en** un , 14h-15h a 15h30-16h30, wou d'Elteren hier Kanner per Email umelle kënnen. Pro Zäit kënnen sech Maximum 50 Kanner umellen.
  - D'Marie Sadler aktualiséiert de Flyer vum leschte Joer a këmmert sech em d'Verdeelen an der Schoul.
  - D'Marie Sadler mëscht ee Message an der Whatsappgrupp vun der Jugendkommissioun fir ee Schaffplang opzesëtzen a këmmert sech ëm d'Umellungen vun de Kanner.
  - D'Lara Georges këmmert sech em d'Reservatioun vum Koschteschbau, em d'Bestelle vum Material (Bänken, Dëscher, etc.) bei der Gemeng an ëm d'Acyrilfaarwen fir d'Bemole vun de Kürbissen.
  - D'Marie Sadler këmmert sech em d'Gedrénksbestellung an em d'Organisatioun vum Silosplastik fir op Dëscher.
  - D'Schnëtz-Setter vun de leschten Editioune kënnen dëst Joer nach wéider hinn genotzt ginn.

Helperknapp, 20/11/2024

3. Jugendhaus Biissen – Navetten

- D'Lynn Mangen hat d'Biisser Jugenhaus kontaktéiert a nogefroot wéi sie eis Iddi fir d'Organisatioun vun Navette vun éiser Gemeng an hiert d'Jugendhaus fannen. D'Biisser Jugendhaus begréisst eis Iddi.
- Mir hale fest, dass mir fir dësen Projet niewend dem Verdeele vun Flyeren eng vielseiteg Publicitéit (sozial Medien, asw.) mussen virgesinn.
- D'Lynn Mangen freet bei der Gemeng punkto Organisatioun vun den Navetten no.
- Mir hale fest, dass et wichteg ass den öffentlechen Transport an och den Bummelbus mat eisen Navetten ze ergänzen.

Divers

- Mir schwätzen doriwwer fir den Jugendlechen aus der Gemeng Méiglechkeeten ze bidde fir sech matzedeelen. D'Jugendkommissioun kann hei als Sprochrouer eng wichteg Roll spillen.
- Mir hale fest, dass mir éis fir déi nächst Versammlung Gedanken doriwwer maachen, wéi een déi Jugendlech aus der Gemeng am Bäschten erreschen kann an wéi een hinnen Raum bidden kann fir sech matzedeelen.